N°2387
Entrée le 25.06.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Mobilité
et des Travaux publics

**Äntwert vun der Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten op d'parlamentaresch Fro n°2387 vum 27. Mee 2025 vum Här Deputéierte Jeff Engelen.**

Den honorabelen Deputéierte stellt Froen iwwert de Führerschäinsexamen.

*A wéi engem Joer gouf déi aktuell Form vum theoretesche Fürerschäinsexamen agefouert?*

Säit dem éischten Trimester 2010 gouf agefouert, dass et just nach eng richteg Äntwert gëtt an net méi 2 oder 3 Äntwerten sou wéi virdrun.

*Wéi steet d'Madamm Minister zu der Analyse vum Fahrlehrerverband, datt de vereinfachten theoreteschen Examen zu enger méi héijer Duerchfallquote beim prakteschen Exame gefouert huet?*

D'Duerchfallquote am theoreteschen Examen ass zanter 2021 stabil a läit fir 2024 bei ëm 25 %. Hei sief dann awer och nach erwäänt, dass et 2024 zu kenge gréisseren Ännerunge beim theoreteschen Exame komm ass, anescht wéi am Mäerz 2021 wou eng komplett Aktualiséierung vum Froekatalog duerchgefouert gouf. Dës Aktualiséierung huet et erméiglecht besteeënd Froen unzepassen an nei Froen dobäi ze setzen, fir den rezenten Entwécklungen an domatter verbonnenen neie Reegelen am Stroosseverkéier Rechnung ze droen. Et ass also u sech de Contraire geschitt, den theoreteschen Examen ass méi modern ginn, an duerch déi nei Inhalter net méi einfach, mee éischter nach méi schwéier ginn. De But dovunner ass fir déi nei Chauffere beschtméiglech op déi Komplex Situatiounen am Verkéier virzebereeden.

*Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi d'Duerchfallquote beim theoreteschen Exame fir den Autosfürerschäin sech déi lescht fënnef Joer wärend deenen nach mam ale Questionnaire à choix multiples geschafft gouf, sou wéi vun der Ëmstellung bis zum Joer 2024 inclus, duergestallt huet? Kann d'Madamm Minister an deem Sënn preziséieren, wéi vill Kandidate méi wéi eng Kéier hu missen nei untrieden?*

Eng Statistik wéi oft de/déi selwecht(e) Kandidat/-in an den theoreteschen Exame kënnt gëtt net gefouert. D'Zuel vun de Kandidaten/-innen a wéi se ofschneide stellt sech awer wéi follegt duer:

| | **2018** | **2019** | **2020** | **2021** | **2022** | **2023** | **2024** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Réussites** | 8741 | 8844 | 9328 | 9646 | 9127 | 10291 | 10106 |
| **Recalages** | 1612 | 2229 | 1334 | 3129 | 3418 | 3558 | 3534 |
| **Total** | **10353** | **11073** | **10662** | **12775** | **12545** | **13849** | **13640** |

| | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Taux d'évolution annuel** | **4,3 %** | **7 %** | **-3,7 %** | **19,8 %** | **-1,8 %** | **10,4 %** | **-1,51 %** |
| **Réussites** | **84,4 %** | **79,9 %** | **87,5 %** | **75,5 %** | **72,8 %** | **74,3 %** | **74,09 %** |
| **Recalages** | **15,6 %** | **20,1 %** | **12,5 %** | **24,5 %** | **27,2 %** | **25,7 %** | **25,91 %** |

*Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi d'Duerchfallquoten beim praktesche Fürerschäinsexame sech fir all Kategorie, beim Auto och differenzéiert no Conduite accompagnée vun 2018 bis 2024 entwéckelt huet an an deem Sënn preziséieren, wéi vill Kandidate jeeweils méi wéi eng Kéier hu missen nei untrieden?*

| Catégorie du permis de conduire | 2018 | | 2019 | | 2020 | | 2021 | | 2022 | | 2023 | | 2024 | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| | Total | Taux de réussite | Total | Taux de réussite | Total | Taux de réussite | Total | Taux de réussite | Total | Taux de réussite | Total | Taux de réussite | Total | Taux de réussite |
| A1 | 261 | 65,9 % | 245 | 61,6 % | 222 | 71,2 % | 252 | 75,4 % | 237 | 73,4 % | 236 | 66,9 % | 272 | 70,2 % |
| A2 | 766 | 83,8 % | 833 | 81,8 % | 908 | 88 % | 1016 | 88,3 % | 969 | 86,3 % | 1031 | 86,7 % | 972 | 85,8 % |
| B (conduite accompagnée) | 4134 | 62,4 % | 4478 | 57,5 % | 4312 | 58,9 % | 5439 | 56,3 % | 5460 | 54,6 % | 5214 | 57,2% | 5862 | 54,8 % |
| B (non – accompagnée) | 7513 | 50,7 % | 7303 | 47,3 % | 6218 | 48,2 % | 8630 | 44,2 % | 8219 | 43,3 % | 8186 | 43,8 % | 8837 | 41,9 % |
| BE | 601 | 80,2 % | 593 | 84,3 % | 585 | 82,9 % | 683 | 86,4 % | 660 | 83,6 % | 622 | 84,9 % | 656 | 83,8 % |
| C | 584 | 74,3 % | 678 | 71,4 % | 599 | 83 % | 658 | 82,4 % | 638 | 81,7 % | 632 | 79,3 % | 644 | 75,5 % |
| C1 | 36 | 80,6 % | 47 | 85,1 % | 77 | 96,1 % | 101 | 96 % | 90 | 90 % | 68 | 95,6 % | 87 | 88,5 % |
| C1E | 10 | 70 % | 9 | 100 % | 9 | 88,9 % | 8 | 100 % | 12 | 91,7 % | 14 | 100 % | 9 | 100 % |
| CE | 192 | 84,9 % | 224 | 83,9 % | 208 | 80,8 % | 315 | 87,6 % | 259 | 88 % | 245 | 85,3 % | 225 | 84,9 % |
| D | 456 | 61,8 % | 440 | 63,9 % | 322 | 66,5 % | 489 | 71,4 % | 440 | 66,6 % | 483 | 66,7 % | 537 | 60,1 % |
| D1E | 0 | | 0 | | 0 | | 1 | 100 % | 0 | | 0 | | 0 | |
| DE | 33 | 66,7 % | 40 | 75 % | 16 | 62,5 % | 15 | 60 % | 13 | 61,5 % | 2 | 100 % | 10 | 90 % |
| F | 101 | 81,2 % | 101 | 89,1 % | 90 | 90 % | 121 | 92,6 % | 107 | 89,7 % | 112 | 92,9 % | 107 | 97,2 % |
| Total | 14687 | 59,3 % | 14991 | 56,6 % | 13566 | 59,2 % | 17728 | 56,1 % | 17104 | 54,6 % | 16845 | 55,6 % | 18243 | 53,2 % |
| Evolution annuelle | 1,1 % | | 2,1 % | | -9,5 % | | 30,7 % | | -3,5 % | | -1,5 % | | 8,3 % | |

Am prakteschen Exame gëtt keng Statistik gefouert wéi vill Leit méi ewéi eng Kéier hu missen untrieden.

Doriwwer eraus stellt ee fest, dass den Taux de réussite am Joer 2024 bei de Leit déi Conduite accompagnée gemaach hu bei 54.8% läit. Bei deene Leit déi keng Conduite accompagnée gemaach hu läit e bei 41.9%.

Lëtzebuerg, de 25. Juni 2025

D'Ministesch fir Mobilitéit an ëffentlech Aarbechten

(s.) Yuriko Backes